1-2021-O-M-6715-01 (n°3647)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 10. November 2021

4

Débat sur la politique européenne et étrangère

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierte

ass sech bewosst,

- datt déi demokratesch Wäerter, fir déi sech och Taiwan asetzt, musse verdeedegt ginn a begréisst besonnesch och den Asaz vun Taiwan fir d'Mënscherechter,
- datt Taiwan d'Covid-Pandemie verhältnesméisseg gutt geléist huet an en Informatiounsaustausch mat Taiwan iwwert d'Gestioun vun der Covid-Pandemie sënnvoll ass, inklusiv am Kader vun der Weltgesondheetsorganisatioun,
- datt och d'Europäescht Parlament am Dezember 2018 de Wonsch ausgedréckt huet, Taiwan um Niveau vun den internationalen Organisatiounen méi staark matanzebezéien,
- datt nach ëmmer vill taiwanesch Aktivisten mat Repressioune vu Säite vu China konfrontéiert sinn,
- datt Taiwan engem staarke militäreschen Drock duerch d'Volleksrepublik China ausgesat ass,
- datt d'Situatioun zu Hongkong, wat d'Bestriewunge fir d'Mënscherechter ugeet, den Ament ganz ugespaant ass,
- datt et fir Lëtzebuerg wichteg ass, intensiv an diversifizéiert Relatioune mat Taiwan, ewéi och mat der Volleksrepublik China, ze fleegen,
- datt et wichteg ass, e klore Message un de gesamten asiatesch-pazifesche Raum ze riichten, wat déi territorial Integritéit an d'Sécherheet vun Taiwan ugeet,

fuerdert d'Regierung op,

- sech op europäeschem Niveau dofir anzesetzen, datt d'Bezéiungen an d'Kooperatioun tëschent der EU an Taiwan sollen intensivéiert a weider ausgebaut ginn, inklusiv an de Beräicher vun der Educatioun a vum Handel,
- sech fir méi equilibréiert Relatioune mat Taiwan, ewéi och mat China, anzesetzen,
- sech zesumme mat eisen europäesche Partnerlänner dofir anzesetzen, fir eng substantiell an institutionaliséiert Participatioun vun Taiwan an internationalen Organisatiounen unzestriewen, hei sief besonnesch d'Participatioun an der Weltgesondheetsorganisatioun (WHO), an der internationaler Zivil-Loftfartorganisatioun (ICAO) an an der Kader-Konventioun vun de Vereente Natiounen iwwert de Klimawandel (UNFCCC) ernimmt, fir esou Defien, déi iwwert d'Grenzen vun de Kontinenter eraus bestinn, méi effikass unzegoen,
- déi diplomatesch Relatiounen mat China an anere Länner am asiatesch-pazifesche Raum esou unzegoen, datt déi politesch a militäresch Spannungen an där Regioun ofhuelen an d'Integritéit vun Taiwan garantéiert ass,
- d'Fräiloossen vun den taiwanesch-politeschen Aktivisten, déi zanter 2017 a China festgehale ginn, ze fuerderen. Hei sief besonnesch och den Aktivist Lee Ming-cheh ernimmt, dee vu Säite vu China verurteelt gouf wéinst esougenannten „ëmstierzlerechen Aktivitéiten géint de chineesesche Pouvoir".

Fernand Kartheiser

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**